ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Mäerz 2017 gouf vum Gesondheetsministère en Audit an Optrag ginn, fir ze analyséieren, wéi een déi ongläcklech Situatioun an den Urgence verbessere kann. Et goufen dunn och an deem Zesummenhang iwwert 130 Mesure proposéiert, wéi ee konkret un enger Verbesserung kéint schaffen.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Wat fir Erkenntnesser/Resultater/Schlussfolgerungen si konkret bei deem genannten Audit erauskomm?
2. Goufen op Basis vun dësen Erkenntnesser/Resultater/Schlussfolgerunge scho konkret Mesuren an d'Praxis ëmgesat?
3. Wann nee, firwat ass dëst net geschitt a bis wéini ka mat der Ëmsetzung vun dëse Mesure gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten